

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alf Christian, 14:29, 16/02/2021

Tratten, de 16. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Déi südafrikanesch Regierung huet rezent bekannt ginn, datt d'Land d'Aféiere vum Impfstoff AstraZeneca no de Resultater vun enger klimescher Etüd aussetze wëll. Südafrika huet an deem Kontext de "Serum Institute of India (SII)", de weltwäit gréissten Impfstoff-Hersteller, opgefuerdert, eng Millioun Dose vum genannten Impfstoff zeréckzezéien. Hannergrond heivunner ass, datt déi klimesch Etüd zum Schluss komm ass, datt den Impfstoff vun AstraZeneca net déi gewënschte Wierkung weist géint déi südafrikanesch Variant (B.1.351). Déi renomméiert däitsch "Pharmazeutische Zeitung" schreift de 15. Februar an deem Kontext: "Die Autoren müssen nach dieser Studie den ernüchternden Schluss ziehen, dass der Astra-Zeneca-Impfstoff AZD1222 gegen die südafrikanische Virusvariante B.1.351 wirkungslos ist, wenn es darum geht, vor leichten bis mittelschweren Erkrankungen zu schützen. Offen bleibt momentan die Frage, ob der Impfstoff eventuell schwere Covid-19-Verläufe verhindern könnte."

Elo stellt sech d'Fro, wéi Lëtzebuerg op dës nei Erkenntnesser reagéiere soll. Déi südafrikanesch Variant ass jo noweislech och hei am Land opgetrueden a riskéiert, wéi dat z.B. an Tirol an an Tschechien aktuell de Fall ass, sech och hei weider auszebreen. Brisant ass iwwerdeems, datt zu Lëtzebuerg dat gesamte medezinesch a paramedezinescht Personal de Moment bal ausschliisslech mam Impfstoff vun AstraZeneca geimpft gëtt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi gedenkt op déi rezent Erkenntnisser aus Südafrika ze reagéieren?
2. Wëll d'Regierung am Kontext vun den neien Erkenntnisser virufueren, dat medezinesch a paramedezinescht Personal bal ausschliisslech mam AstraZeneca-Impfstoff ze impfen?
3. Gedenkt d'Regierung eng "recherche forcée" ze maachen iwwert den aktuelle Stand, wéi sech déi südafrikanesch Variant vum Covid-Virus den Ament zu Lëtzebuerg verbreet?

4. Gedenkt d'Regierung no den Erkenntnisser aus Südafrika eventuell Efforten ze ënnerhuelen, fir datt déi betrafte Leit an noer Zukunft nees kënne mam Impfstoff vu BioNTech oder Moderna kënne geimpft ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



REÇU
Par Alff Christian, 08:25, 18/02/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 17 février 2021

Réf. : 836xbd2ef

Concerne: Question parlementaire urgente n°3653 du 16 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3653 du 16 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « Impact de la variante sud-africaine de la Covid-19 sur les vaccins ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne Calteux
Premier conseiller de gouvernement





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3653 du 16 février 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « Impact de la variante sud-africaine de la Covid-19 sur les vaccins ».

Preliminär Analysen vun der Étude COV005 a Süd-Afrika deiten effektiv drop hin, dass de Vaccin AstraZeneca eng staark reduzéiert Efficaciteit op d'Präventioun vu schwach a mëttelschwéier Formen vu COVID-19 huet, wann d'Infektioun duerch d'Variant B.1.351 ausgeléist ass. D'Étude ka leider näischt Definitives aussoen iwwert d'Verhënneren vu schwéiere Formen vun der Krankheet. Et gëtt awer indirekt Donnéeën déi drop deiten, dass eng Protektioun géint dës schwéiere Formen bestoe bleift. Dëst muss awer a weidere Studien konfirméiert ginn.

Zu Lëtzebuerg hu mir bis elo 18 Fäll vun der B.1.531 Variant fonnt, dovun 4 an der leschter Woch. D'Zuelen bleiwen also relativ geréng, och wann ee näischt Definitives aussoe kann iwwert d'Prävalenz vun dëser Variant, well d'Échantillonen déi sequenziert goufen selektiv erausgesicht woren (aus Clustere vu Fäll), an domat wahrscheinlech déi reell Heefegkeet iwwerschätzen.

Et besteet awer de Risiko, dass dës Variant sech weider ausbreet, wéi si dat och am Département de la Moselle rezent gemaach huet.

De Comité SAGE (Strategic Advisory Group of Experts) vun der Weltgesundheitsbehörde huet an enger rezenter Prise de position vum 10. Februar kloer gesot, dass de Vaccin AstraZeneca och weiderhin soll benotzt ginn, a Länner wou d'B.1.531 Variant present ass.

Dat selwecht Dokument recommandéiert en enke Suivi vun der Epidemiologie an de Länner mat vermeertem Sequenzage vun de positiven Échantillonen. Dozou muss ee soen, dass Lëtzebuerg aktuell schonns eent vun de Länner ass déi vill Sequenzage maachen, an dës Kapazitéit weider beim Laboratoire national de santé (LNS) ausbaut.

An enger Situatioun vu relativem Mangel un Impfstoffer, ass et aktuell net méiglech op den AstraZeneca Impfstoff ze verzichten, deen dach eng ganz gutt Efficaciteit huet beim Vermeiden vu schwéieren Erkrankungen bei normale Varianten. D'Liwwerunge vun aneren Impfstoffer ginn am Moment net duer fir schnell e groussen Deel vun der Bevëlkerung ze impfen.